



N° 7942
Entrée le 28.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.04.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/04/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministeschesch fir Justiz weiderzeleeden.

D'Délégué:es du Gouvernement si Beamten, déi dem Justizministère ënnerstinn an déi de Staat viru Geriicht kënnen verrieden. De Staat gräift awer net nëmmen op dës Délégué:es zréck, mee engagiert och privat Affekot(inn)en aus Etüden, fir sech representéieren ze loossen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministeschesch dës Froe stellen:

1. No wéi enge Critère ginn d'Délégué:es du Gouvernement ernannt?
2. Wéi vill Délégué:es du Gouvernement gouf et 2013?
3. Wéi vill Délégué:es du Gouvernement ginn et haut?
4. Sinn déi Délégué:es du Gouvernement alleguerter reegelméisseg aktiv? Wéi vill Dossieren hu si an deene leschten 10 Joer virun de Juridictions administratives plaidéiert (separat Oplëschtung vum Tribunal administrativ an der Cour administrative)?
5. Wéi gëtt en:g Délégué:e du Gouvernement remuneréiert? Gëtt et eng Primm oder Jetone fir traitéiert Dossieren virun de Juridictions administratives? Wa jo, wéi vill Euro pro Stonn?
6. Wéi e Gesamtbetrag huet de Staat an deene leschten 10 Joer un Primmen oder "Jetonen" un d'Délégué:es du Gouvernement bezuelt?
7. No wéi enge Critèren decidéiert de Staat, sech virun de Juridictions administratives vun engem/enger Affekot:in verrieden ze loossen amplaz vun engem/enger Délégué:e du Gouvernement?
8. Wéi oft huet de Staat sech an deene leschten 10 Joer virun de Juridictions administratives vun engem/enger Affekot:in verriede gelooss (separat Oplëschtung Tribunal administratif a Cour administrative)?
9. No wéi enge Critère wíelt de Staat d'Affekot(inn)en aus, fir sech virun de Juridictions administratives verrieden ze loossen, ofgesi vum Critère vun der Kompetenz?
10. Wéi ville verschiddenen Etüden hunn d'Affekot(inn)en, déi vum Staat an deene leschte 5 Joer



www.piraten.lu

engagéiert gi sinn, ugehéiert? Wéi eng fënnef Etüde waren hei am heefegste betraff a wéi vill Prozent vun den Opträg mécht dat jeeeweils bei dësen Etüden aus?

11. Leet de Staat een Taux horaire fest fir privat Affekot(inn)en oder gëtt den Taux vu Leschtere selwer festgeluecht? Falls d'Affekot(inn)en den Taux selwer festleeën, gëtt et ee Plaffong a wéi héisch ass dësen?
12. Wielt de Staat ëmmer déi selwecht Affekoten-Etuden, fir sech virun de Juridictions administratives verrieden ze loossen? Falls jo, mat wéi engem Argument?
13. Wéi e Gesamtbetrag huet de Staat an deene leschten 10 Joer un Affekot(inn)e bezuelt, fir sech virun de Juridictions administratives verrieden ze loossen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten

